Lëtzebuerger Guiden a Scouten

Lord Baden-Powell of Gilwell

De “BiPi”, wéi en ënner Scouten a Guide genannt gëtt, ass den 22. Februar 1857 als 12. vu 14 Kanner zu London gebuer a krut den Numm “Robert Stevenson Smith”.

Säi Papp war anglikanesche Paschtouer, dee gestuewen ass wéi de B. P. dräi Joer hat. 1870 koum de Robert an d'Internat vum College Charterhouse. Hien huet all fräi Minutt genotzt fir Déierespuren ze sichen an d'Wëssenschaft vum Bësch ze erfuerschen. Zesumme mat Kollegen huet hie wäit Reese gemaach, sief et zu Fouss oder mat engem Schëff bis an Norwegen. Geschlof gouf a fräier Natur an sech un der Sonn orientéiert. Erniert hu se sech vu selwer gefaangenen an iwwert dem Lagerfeier gegrillten Déieren. Nodeem de B.P. mat enger mëttelméisseger Zensur den Charterhouse-College verlooss huet, sollt hien der Familljentraditioun trei bleiwen an op der Universitéit vun Oxford seng Studie weiderféieren. Et koum awer ganz anescht. De B. P. huet eng Ausbildung als Offizéier bei der britescher Arméi gemaach an huet den Exame mat Glanz als zweete vun 714 Kandidaten ofgeschloss.

Als Ënneroffizéier ass hie spéider an Indie gaangen. Bei senge Kollege war hie ganz beléift, huet Theaterstécker geschriwwen a Lidder komponéiert a gesongen.

De B.P. huet kee Wäert op Drill geluegt, mee huet et verstan, déi Leit, déi hien ënnert sech hat, fir all Aufgab ze begeeschteren, an duerch eegen Erfahrungen ze léieren. "Learning by doing". De B.P. huet duerch säi Beispill iwwerzeegt.

1884 ass hien déi éischte Kéier a Süd-Afrika geschéckt ginn.

Nom Asaz an Indien, Afghanistan a Malta ass hien 1897 zum Colonel avancéiert a gouf chargéiert, eng Expeditioun géint den Ashanti-Häuptling Pempreh (Urwaldfürst) ze ënnerhuelen. Dëst ass him gelongen andeems hien de Pempreh a Gefaangenschaft geholl huet.

1898 muss de B.P. zréck a Südafrika, fir d'Stad Mafeking géint d'Buren ze verdeedegen. Trotz schwéiere Konditiounen bréngt hien et fäerdeg, d'Schluecht ze gewannen. Hien huet de Jugendlechen aus der Stad kleng, präzis Verantwortunge ginn, z.B. Messagen droen oder Poste stoen.

1899 ass en dënnt Heft erauskomm: "Aids to Scouting"; dat huet enger englescher Garnisoun als allgemeng Ausbildungslektür fir Offizéier gedéngt.

Am Juli 1899 as de B.P. aus Indien ofkommandéiert ginn an am Burekrich agesaat gin. Buren kënnt aus dem

annexe/prinzipielles/BiPi

Hollänneschen an heescht "Bauer". 217 Deeg laang ass et dem B.P. gelongen, d'Stad Mafeking ze verdeedegen, bis schlussendlech eng britesch Kavallerie se am Mee 1900 befreit huet.

Wéi de B.P. 1901 op Grond vum kinniglechen Uerder an England zréckkoum, ass hien zum Generol befördert ginn a mam Kräiz "Bath-ordens" ausgezeechent ginn. Wéi hien a seng Heemecht zréckkoum, ass hie voller Begeeschterung empfaange ginn. Eréischt elo ass et him bewosst ginn, datt hien ouni et ze wëllen en Nationalheld ginn ass. De B.P. war en Idol vun der Jugend.

Dem B.P. säi Buch "Aids to Scouting" huet bei den Offizéier an Zaldoten groussen Uklank fonnt. Hien huet beschloss, elo en zweet Scouting-Buch ze schreiwen, dëst awer fir d'Jugend bestëmmt.

1903 gëtt hien zum Generalinspekter vun der ganzer britescher Kavallerie ernannt.

1907 trommelt de B.P. 22 Jongen aus verschiddene Gesellschaftsschichten zesummen a ruddert mat hinne vun der englescher Stad Poole eriwwer op d'Insel Brownsea, wou si hir Zelter opschloen. Dëst ass den éischte Scoutscamp a gëlt als Ufank vum Scoutissem.

1908 ginn d'Scouten offiziell gegrënnt. Dem B.P. säi Buch fir d'Scouten "Scouting for Boys" kënnt eraus.

1909 ass am Chile déi éischt auslännesch Scoutsorganisatioun gegrënnt ginn. De B.P. huet den hellege Georg offiziell zum Schutzpatréiner vun de Scouten erkläert, well deen ënnert den Hellegen den eenzege Ritter war.

Am selwechte Joer huet de B.P. zwee Campénger an e Scoutstreffen am Londoner Kristallpalast organiséiert, wou 11.000 Leit deelgeholl hun. Ausser de Jonge waren och eng ganz Rei Meedercher an Uniform präsent. 1910 sinn d' "Girl Guides" dann offiziell gegrënnt gin. Dem B.P. seng Schwester, d'Agnes Baden-Powell, gëtt Presidentin. E puer Meederchersgruppen hunn den Numm "Girl Scouts" bäibehal. Dofir heescht déi spéider gegrënnte Guide-Weltorganisatioun "World Association for Girl Guides an Girl Scouts", kuerz WAGGGS genannt.

Mat sengem Job als Offizéier wollt de B.P. näischt méi ze dinn hunn, an et ass him gelongen, de Kinik Edouard VII vum Sënn vum Scoutissem ze iwwerzeegen. Op eegene Wonsch ass de B.P. 1910 pensionéiert ginn.

1912 huet hien op enger grousser Weltrees seng deemols 22 Joer al zoukënfteg Fra Olave St. Clair Soames kennegeléiert. Dräi Kanner ginn aus dem Bestiednis ervir.

1916 huet d'Olave B.P. d'Féierung vun den englesche Guiden iwwerholl. Dat selwecht Joer ginn déi Jugendlech an zwou Altersstufen opgedeelt. Wëllef bis eelef Joer a Scoute-Guide vun 12 Joer un.

1919 schenkt e schotteschen Adelegen de Scouten säi Gilwellpark bei London, als Formatiounszenter fir Scoutschef. Als Ofschloss vun der Formatioun krut een eng Auszeechnung vun 2 Holzstécker an engem Liederstréckel, "Woodbadge"

genannt. (Wood = Holz, Badge = Auszeechnung).

1920 huet de B.P. dat éischt internationalt Scoutstreffen "Jamboree" zu London organiséiert. 8000 Jugendlecher aus 27 Länner sinn an der Olympiahal zesumme komm. Bei dëser Geleeënheet as de B.P. zum eenzege "Chief Scout of the World" beruff ginn.

1922 ginn de Weltcomité, d'Weltkonferenz an den internationale Bureau vum Scoutsmouvement gegrënnt. Zu dësem Zäitpunkt zielt d'Scoutsmouvement iwwert 1 Millioun Memberen an 32 Länner.

1929 gëtt de B.P. geadelt a kritt den Titel “Lord Baden-Powell of Gilwell”.

1930 gët d'Lady Olive Baden-Powell zur "Chief-Guide of the World" ernannt (bis zu hirem Doud de 26. Juni 1977)

Vun 1930 bis1937 reesen de B.P. an d'Lady B.P. duerch d'ganz Welt fir sämtlech Guiden- a Scoutsverbänn ze besichen.

1937 war dem B.P. säi leschten groussen Optrëtt, an zwar um Jamboree an Holland, wou hien dann offiziell äddi gesot huet."Et ass Zäit, datt ech iech “good-bye” soen. Ech sinn a mengem 81. a ginn dem Liewensenn vun Dag zu Dag méi no. Déi meescht awer vun iech sinn nach jonk a stinn um Ufank vum Liewen."

Duerno huet de B.P. sech a säin Haus zréckgezunn, no bei der Wildnis, an der Géigend vun Nyeri, enger klenger Stad am ostafrikanesche Kenia.

Den 8. Januar 1941 am Alter vun 84 Joer huet de B.P. fir ëmmer d'Aen zougemaach.

Op sengem Grafsteen ass e Krees mat engem Punkt an der Mëtt. Dëst ass eent vun den internationale Scoutszeechen um Wee, an et heescht "Ech hu meng Aufgab erfëllt a sinn heem gaang".